BIGS

# Infoblat N°2/2019

Dezember

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl www.bigslu.net bigs@pt.lu CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

## SPENDENAKTIOUN «FIR DE BËSCH»

## CCPL LU78 1111 1984 6095 0000

Et gëtt vill gutt Grënn fir eng sënnvoll a nohalteg Spend ze machen. Fir Solidaritéit ze weisen an eis an eisem Kampf géint d'Zerstéirung vum Kärjenger/Suessemer Bësch ze ënnerstëtzen, vun deem mäer selwer awer virun allem déi kommend Generatiounen profitéiere kënnen. D'BIGS huet hir Spendenaktioun «Fir de Bësch - Fir de Mënsch» den 9. November, um Nationalen Dag vum Bam, lancéiert.

Mir wollten op dëser Platz all de Leit scho mol e grousse **MERCI** soen fir hir Spend. Mir hu bis elo 2.500 € zesummen!

Mir brauchen op d'mannst 10.000 € fir kënnen a recours ze goen esoubal den definitive Projet zum Contournement duerch de Kärjenger/Suessemer Bësch public ass. Viraus-siichtlech wäert dat am Summer 2020 de Fall sinn!

D'BIGS ass prett fir weider Aktiounen an ass beschtens fir de recours preparéiert!

**Fir de Bësch - Fir de Mënsch!**

**DON**

DIGICASH®
MOBILE PAYMENTS

1 - Scannez le QR code
2 - Entrez le montant
3 - Validez le paiement

**Je veux faire un don !**



*Bild: Leardini Jeng*

*Mir wënschen all de Mënschen, Grouss a Kleng, fir 2020 alles Guddes, Gesondheet, vill Freed a Fridden op eiser Welt!*

**Gëff Membre aktiv oder Membre Donateur - ënnerstëtz d'Biergerinitiativ Gemeng Suessem !**

# 30 Joer Kannerrechter


Foto: srp-gemeng-suessem

Zum Schluss vu senger leschter Sitzung hat de Gemengerot e kuerze Besuch vun enger klenger Delegatioun vun der BIGS. Aus Ulass vum 30. Joresdag vun der Ënnerzeechnung vun den Internationale Kannerrechter hunn si e klengt Bichelchen mat den 54 Artikelen iwwerreecht kritt.




Des kleng Broschüre, wou d'Artikelen op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch dran ofgedréckt sinn kann een beim Ombudscomité fir Kannerrechter bestellen ***ork.lu***

## BIGS 30 Joer Kannerrechter

fir eis Kanner

**Mir wollten alle Gemengeréit Merci soen, dass si e Méindeg en Text ugeholl hutt mat Iddien wéi mir de Klima besser schützen kennen.**

**Mir feieren dëst Joer 30 Joer Kannerrechter.**

**Mir hunn iech e klengt Buch matbruecht wou se all dra stinn.**

**Am Artikel 24 steet: All Kand huet Recht op eng propper Ëmwelt.**
**Am Artikel 27 steet: All Kand huet d'Recht op e gutt Liewen.**

**An ärem Text hutt dir versprach alles dofir ze maachen.**

**Mir Kanner wäerten och mat hëllefen verschidden Iddien ëmzesetzen.**

**Dofir wëlle mer dass verschidden Méiglechkeeten fir eis Kanner geschaafe ginn.**

**Am Artikel 13 steet: All Kand huet d'Recht sech z'informéieren an seng Meenung mëndlech, schrëftlech oder kënschtleresch auszedrécken a mat aneren ze deelen.**

**Fir dass mir dat maache kënne**


**- wënschen mir eis, dass et an allen Schoulen e Klasserot gëtt;**
**- wënschen mir eis, e Kannerparlament wou mir Kanner eis Iddien diskutéieren an Projets plangen kënnen**
**- wënsche mer eis, dass am kuertz & knapp och Noriichten déi eis Kanner besonnesch interesséieren dra stinn an an enger Sproch déi mir verstinn.**

**Mir hunn den Text iwwert de Klimaschutz erkläert kritt an déi passend Biller dobäi gemaach, fir dass all d'Kanner en och verstinn.**

**A well all Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng sollen mathëllefen hu mir iech 2 Figuren matbruecht, wou alles drop steet.**

**Zu Wooltz gëtt et e Kannerbüro wou Kanner hier Rechter an Flichten liewen kennen. Dat wënsche mir eis och fir d'Kanner aus der Suessemer Gemeng.**

**Suessem, den 13. Dezember 2019**




Op zwou grousse Pappfiguren haten d'Kanner hir Wënsch a Fuerderungen opgeschriwwen an hunn drun erënnert, dass all Bierger an all Biergerin muss mathëllefen fir dem drohende Klimakolapps entgéintzewierken.
D'Pappfiguren déi en Erwuessenen an e Kand duerstellen stinn an der Entrée vum Biergerzentrum an der Gemeng. Des Pappfiguren kann een bei ZpB – Zentrum fir politesch Bildung bestellen ***zpb.lu***

Méindes, den 9. Dezember hat de Gemengerot eestëmmeg eng Resolutioun mat Moossnamen zum Schutz vum Klima ugeholl. D'Kanner hunn den Text erkläert kritt an doropshin eng Plakat mat Biller gemeet, fir all de Kanner d'Problematik verständlech ze maachen.
D'***Klimaresolutioun*** op Franséisch an op Däitsch (vun der BIGS iwwersat) fand der bei eis um Site ***https://www.bigslu.net/30-joer-kannerrechter***

GEMENG SUESSEM

# KLIMA - Resolutioun fir Kanner verständlech

BIGS





Klima-Bündnis

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

fir eis Kanner
























**Mir retten eise Bësch**
**Da rette mer och dech**
**Du bass en Deel dovunner**
**Mënsch denk ëmmer dorunner**














# Wat war nach lass?

Mat engem flotte Stand wou d'Kanner mat Naturmaterialien bastele konnten a mat engem interessante Quiz huet d'BIGS sech um ***Wantermoart zu Suessem***, den 6. an 7. an den 13. an 14. Dezember um ***faire Wantermaart zu Zolwer*** bedeelegt.



## Visitte vun der Ëmweltkommissioun bei KRONOSPAN



*Foto: fb franca romeo*

De 7. Dezember wuar eng Delegatioun vum Gemengerot a vun der Ëmweltkommissioun op Visitte bei Kronospan. No engem Rondgang duerch d'Halen an den Ausseberäich sinn dann och nei Chifferen an d'Expansiounspläng bis 2025 virgestallt ginn.

Bis 2025 solle weider 400 Mio investéiert ginn an 100 weider Aarbechtsplazen entstoen. Geplangt sinn: eng nei Lagerhal a weider Installatiounen, e Waasserréckhaltebecken an e Biobecken, den Uschloss un d'Schinnenetz (Entlaaschtung vun 30% vum Stroossentransport), eng Reduzéierung vum Energieverbrauch vu fossile Brennstoffer a méi en héijen Undeel Recyclingholz an der Produktioun (55%).

Wat de Kaméidi Nuets an de Geroch ugeet, sinn Filteranlagen kontrolléiert ginn, a verschidde Nuetsaarbechten gi net méi duerchgefouert. Et ass versprach ginn méi oft intern Kontrollen ze machen. Leider huet et den 21. Dezember awer nees net gutt gericht. Eng plainte ass bei der Inspectioun vum Environnement deposéiert ginn. D'BIGS wäert weider um Ball bleiwen an iech um Laafenden halen!

Die **Photosynthese** eines einzigen Baums

Sonnenlicht

$$6\,CO_2 + 6\,H_2O \rightleftarrows C_6H_{12}O_6 + 6\,O_2$$

Kohlendioxid, Wasser, Zucker, Sauerstoff

Blattgrün





**Eng 150 Joer aal Bich, 35 m héich, 35 m breet (Kroun)**

**Verfügt iwer:** ***900.000 Blieder***
***1.800 m2 Bliederiwerfläch***

**Verbraucht:** ***28 kg CO2 pro Dag***
***600 l H2O pro Dag***

**Liwwert:** ***O2 fir 24 Mënschen all Dag***

**CO2 = Kuelendioxid**
**O2 = Sauerstoff**
**H2O = Waasserstoff**

***BIGS Quiz fir Kids -*** Opléisung




1 de Fuuss, der Fuchs, le renard
2 den Hues, der Hase, le lièvre
3 de Markollef, der Eichelhäher, le geai
4 d'Échel /d'Eil, die Eule, le hibou /la chouette
5 de Kéiseker, der Igel, l'hérisson
6 d'Kaweechelchen, das Eichhörnchen, l'écureuil
7 d'Schmuelef /d'Schmuebel, die Schwalbe, l'hirondelle

## SAVE the DATE

**04.03.2020 - 19 Auer**
**Generalversammlung**
**Brasserie Boulodrome**

**COTISATION MEMBRE 10 €**

DIGICASH
MOBILE PAYMENTS

Scannez le QR code pour payer

**Je veux devenir membre !**